

# D'Liewen am Kräizgrënnchen



© Privatarchiv Fernand Huberty

D'Famill Huberty am Virgärtchen: Papp, Mamm, Bomi a Monni Albert (1950)

Se hu wahrscheinlech net schlecht gestaunt, déi Leit an der Mëtt vum Kräizgrënnchen, wéi se gesot kritt hunn, vis-à-vis déi Wiss, déi géif elo verbaut ginn, an do géif d'Gemeng Haiser bauen fir hir Aarbechter. Si haten sech dach eppes Aneschters do erhofft, an déi schéi Vue, déi wär dann och eriwwer, op déi Felder déi do fräi waren, vum Kräizgrënnchen bis op de Stadion, op d'Areler Strooss.

1957: Die feierliche Weihe der neuen Belairer Pfarrkirche  
1) Mgr Erasmey, 2) Mgr Hengen, 3) Fons Turpel, 4) Jean-Claude Ast,  
5) Emile Reuter, 6) Pierre Frieden, 7) Pierre Werner, 8) Henri Kugener,  
9) Fernand Huberty, 10) Aloyse Huberty, 11) Paul Helminger



Jo, sou ass et lass gaang. Déi véier Haiser, déi vis-à-vis stoungen, dat waren déi zwou Familljen Bùchler. Deen een, deen hu mer Schokelas-Bùchler genannt. E ganz léiwe Mann, dee Représentant Général vum Schockela Jacques war, nieft anerem. Mä dat war wichteg fir eis als Kanner, well da koum heiansdo e grouse Fernlaster, a wa mer Chance haten a mir waren an der Géigend, da krute mer e Stéck Schokela Jacques. Dann hu mer natierlech och fläisseg Biller gesammelt, a sinn dann eriwwer gelaf bei den Här Bùchler, fir den Album ze kréien fir déi anzepechen. D'Kanner, de Roby an de Guy, waren natierlech och gutt Kollegen an an eisem Alter. Niewendrun, deen anere Bùchler, dat war den Här Professor, spéidere Conseiller de Gouvernement a spéidere Minister Jean-Pierre Bùchler. Schrecklech léif Familljen mat hiren dräi Kanner, dem Félix, dem Maggy an dem Pierre. D'Maggy ass leider scho gestuerwen, hatt war a mengem Alter, a menger Klass. Awer natierlech getrennt! Deemools waren d'Jongen nach net bei de Meedercher an d'Meedercher net bei de Jongen an der Klass an der Belairer Schoul, an der Gaston Diderich-Strooss. Dat war e grouse Wee ze goen. Do war eng Entrée, an dat steet nach haut op den eisene Paarten, fir d'Meedercher, an eng Entrée fir d'Jongen. An den Haff, dee war getrennt duerch eng kleng Maierchen. Déi war zwar

# an de fofzeger Joeren



Maggy B  chler, Fernand Huberty  
a Pierre B  chler (1953)

n  mme 40 cm h  ch, mat enger   ffnung an der M  tt, datt en Auto konnt duerchfueren, m   do ass kee vun eis driwwer gelaf. Wann de Ball mol op d  i aner S  it gefall war, hu mer gewaart, datt eent vun de Meedercher eis de Ball zr  ckgesch  ckt huet. Et h  tt kee sech getraut, soss w  r et eng an d'Laiskaul ginn. Dat war deemools esou. Niewent B  chlesch huet den H  r Barbl   gewonnen, en Industriellen dee seng Firma zu Stroossen hat, an eng Joffer, d  i bei him gewonnen huet a Pianostonne ginn huet. Dat ware schonn eeler Leit a fir eis, Respektpersounen. Sie hatten awer och eng Haush  lterin d  i fir jidderee vun eis bekannt war, an d  i eis och emol gehollef huet, wann de Ball an hire Gaart gefall ass. An dann Zachariassen, dat war dat Gr  isst vun deene v  ier Haiser d  i deemols am Kr  izgr  nnchen stoungen. Do konnte schon zwee oder dr  i St  it dra wunnen, m   d  i waren och scho m  i eeler, an d'Margot, hir Duechter, war och e St  ck m  i al w  i mir, sou datt do de Kontakt net sou grouss war.

M   1949 sinn d  i Haiser da gebaut ginn, 1950 sinn d  i   ischt agepl  nnert. Do ware mir och derb  i. Meng Elteren, m  i Brudder an ech, mir hunn an engem Haus an der M  tt gewonnen. Et waren dr  i Bl  ck, et goufen also sechs Eckhaiser, d  i waren e b  ssche m  i grouss, well d  i hate schon eng ausgebaute Mansard. Mee an allen Haiser war weder eng Garage, nach e Bued  mmer, nach en ausgebaute Sp  icher. Jiddereen hat virun der Dier sou e klenge G  ertchen an do war eng Zet  r dran, eng kleng Kl  ranlag, d  i dann och huet missen periodesch eidel gemaach ginn. Hanner dem Haus hate mer alleguer eng Pl  tz an e klenge Gaart. An dee klengen Haff, dee mer alleguer hatten, dat sollt e ganz wichtegt Treffe ginn vun de Kanner d  i an deenen Haiser waren. Kanner hunn war n  mlech eng Konditioun, datt een esou en Haus do kr  ie konnt. Eppes iwwer 400000 L  tzebuurger Frang huet deemools d'Haus kascht. Haut g  if et wahrscheinlech net mat 400000    duergoen, wann een et w  llt kafen... ech wees dat awer net. M   dat war deemools vill fir d'Aarbechter, d  i do d  i Haiser kritt hunn.

Loosse mer mol opzielen d  i Leit, d  i do gewonnen hunn. An deem   neschten Haus, dat un d'St  cker vum G  ertner Nestgen gegrenzt huet, do waren Lauterbours, da koume Rippingesch, da koume Mierschen an da Peiffesch. Dat war deen   ischte Block. Deen zweete Block ass ugaang mat der Famillje Kraus, da koume mir eben, d'Familljen Huberty, nieft eis d'Famillje Stefan an d'Famillje Schmit, d'Famillje Welter an d'Familljen Dunkel. Dat war dee m  tstelste Block. Dee louch e b  ssche m  i zr  ck, eng zwee Meter. Dat war herno wichteg w  i

mer wollte Garag   maachen, do war bei eis d'Garag  pente net sou g  i, w  i beim   neschten an ieweschte Block, well mir hatten e b  ssche m  i Plaz.

Deen ieweschte Block dann, deen un de B  cker gestouss huet. De B  cker Glaesener, e ganz l  iwe Mann. Deen hat eng 'deux-chevaux' als Liwwerweenchen, an d  i 'deux-chevaux' huet   mmer geschaukelt, a wann hie laanscht gefuer ass huet hien bonjour gew  nkt, an an engems huet den Auto och 'bonjour' gesot. Do waren da Winkels, dat   ischt Eckhaus, da koum d'Familljen Hosch, d'Famillje K  nig an d'Familljen Hilbert.

An all deenen Haiser waren zwee, dr  i, v  ier Kanner, praktesch all an engem Alter, an duerfir war do och   mmer eppes lass. Do konnt een och nach spillen! W  i gesot, hanner dem Haus war eng Wiss, an da koumen dem Nestgen seng St  cker d  i ebe bis un de Stadion gaang sinn a wou hien dann mat senge P  erd Gromperen, Kabes, wat och   mmer gezillt huet fir domat op de Maart ze fueren. Bis dann ugefaang ginn ass, och dat ze verloune, well e genuch kritt hat fir seng Bauplazen, an du net m  i a senge Felder geschafft huet. En huet nach eng laang Z  it a sengem Haus gewonnen ier et verkaaft ginn ass. An der Zw  schenz  it ass d  i ganz Wiss do verbaut ginn mat engem groussen Parkhaus vis-  -vis vum Stadion, an dert  schent eng Schw  mm, eng Hal asw. Dat st  isst bis un eise Gaart. M   dat war awer deemols net esou. Jiddereen praktesch aus d  r Rei huet sech hannendrun nach e St  ck derb  i gelount vun der Gemeng L  tzebuerg, fir de Gaart e b  ssche m  i grouss ze maachen, well jiddereen huet s  i Gem  is gezillt, jiddereen huet prob  iert s  i Besch  t draus ze maachen an oft, ganz oft, ass m  i Papp   m Rot gefrot ginn, well hie jo an der Stad-G  ertnerei op der St  replaz geschafft huet.

Och dat war wichteg, well hien ass da mam V  lo dohinner gefuer an um zwielef Auer war do Schluss fir muerges an dann ass hien heemkomm. Hie war um z  ng op zwielef doheem. Dann huet missen d'Zopp um D  sch stoen well um v  ierel vir eng huet e scho nees misse fueren, um eng Auer ass s  in D  ngscht er  m ugaang. Hie war do zum Schluss Responsabel vun den Z  ren. Dat war fir m  i Brudder, fir mech a fir meng Mamm och wichteg, well deemools huet een nach missen D  ngscht maachen och um Week-end, d'Heizung huet missen mat Koks gefiddert ginn am Wanter, fir datt d'Saachen an den Z  ren net g  ife futti goen. D'Kautschen hu missen zougedeckt ginn mat Paillasson'en fir datt net soll alles dra fr  ieren. Wa m  i Papp dann D  ngscht hat, an en huet Sonndes owes an d'Luucht gekuckt an en huet gemengt „den Owend

Fernand Huberty (1956)



   Privatarchiv Fernand Huberty



## D'Liewen am Kräizgrënnchen an de fofzeger Joeren

© Privataarchiv Vic Fischbach

gëtt et kal", dann hu mir véier eis op de Wee gemaach, sinn op d'Stäreplaz gaang, an hunn d'Fënsteren zougeluecht vun de Kautschen, Paillasson'en dropgeluecht, a während där Zäit huet meng Mamm an den Zäre gehollef netzen a mäi Papp d'Heizung gefiddert mat Koks. Jo, dat war esou, dat huet derzou gehéiert an et huet och kee sech driwwer beschwéiert.

Mir Kanner, mir waren awer schrecklech frou an deem Kräizgrënnchen. Et war praktesch kee Verkéier, sou datt mer do konnte vill spillen. Dat hat natierlech seng grouss Virdeeler a seng Geforen. Sou ass et scho mat mir lassgaang 1950. Dann hu mer Fänkches, Stoppches gespillt an deemols war d'Haus Peiffer, dat zweet Haus nieft eis also, nach net bewunnt an net fäerdeg. Dat war natierlech d'Ideal op dem Chantier ze spillen, duerch d'Haus ze rennen, sou datt ech dat dann och gemaach hunn, an ech si vum éischte Stack zur Fënster erausgesprongen an e grouss Koup Sand. Dat war net déif, an ech war jo nëmmen sou en Hecht vu fënnf oder sechs Joer, sou datt dat kee Problem war deemools. Mä et war awer ee Problem. Well et jo Fänkches war, war jo een hanneru mer, ech war an dee Koup Sand gesprongen an ech wollt séier mech ëmdréien fir fortzelafen, hat awer net dru geduecht, datt mäi Fouss an de Sand agaange war. D. h. ech hu mech gedréit, de Fouss awer net, sou dass ech mer d'Bee gebrach hat, a relativ komplizéiert, meng Zéiwespëtz huet no hanne gekuckt, ewechgedréit. Ech weess net wéi ech gejaut hunn, mee ech ka mer virstellen ganz heftig. Meng Mamm oder eng Nopesch ass gelaf bis bei den Här Reisch. Dat war den Epicier um Eck. Deen hat esou e Liwwerweenchen, do sinn ech an enger Decken dropgeluecht ginn a se hu mech an d'St. Joseph Klinik um Fëschmaart gefouert. Den Dr. Dennewald huet mech an de Gips geluecht an zwar vun der Zéiwespëtz bis praktesch un den Hënner. Dat war eng komplizéiert Geschicht a mäi Papp huet mech missen d'Trapen eropdroen an erofdroen fir an d'Bett; soss war ech dann eben de ganzen Dag an der Stuff op enger Kautsch, hu Globi gelies, déi ech vun den Nopere geschenkt kritt hat. Dee Globi, ech konnt zwar net liesen, et war de Globi am Zirkus, hunn ech auswenneg kann. Wéi de Bopa vu Baschelt dunn eng Kéier komm ass, menger Mamm hire Papp, hunn ech deem de ganze Globi erzielt. Dee war net weínege stolz op säin Enkel, well e gemengt huet, ech kënnt dat scho liesen.

Ee Wuert iwwer Baschelt, dat war eng ganz wichteg Affär. Vu Vakanz huet jo deemools nach kee Mënsch geschwat. Eis Vakanz huet doranner bestan, datt mir eis op de Vëlo geschwong hunn, da si mer op Baschelt gefuer, vum Kräizgrënnchen



Wanter am Kräizgrënnchen

op Baschelt. Wann der iech dat op enger Kaart ukuckt, da mierkt der, et ass biergobiergop gaang. Et ass emol fir d'éischt iwwert d'Stäreplaz an de Rollengergronn erof, dann op de Briddel, Koplescht, iwwert de Quatrewang op Tënten, Sëll, Rächel, Osper, Kietscht, an dann de Bierg erof op Ueschdref, déi aner Säit erëm erop an erëm erof op d'Misèresbréck, op Bauschelt an dann op Baschelt. Dat si 50 km. Am Ufank ass dat jo mat engem Vëlo gemaach ginn wou ee keng Iwwersetzungen drop hat. Wéi ech am sechste Schouljoer war, krut ech e Vëlo fir an de Lycée ze fueren, an do waren dann och dräi Iwwersetzungen drop. Du ass dat scho vill besser gaang. Wann ech da mat Kollege gefuer sinn, ënnert anerem ass de Peiffesch Rob emol matgefuer, an natierlech mäi Brudder oder och emol een aneren, dann hu mer dat an zwou an enger halwer Stonne gepackt. Mir waren also net sou schlecht fir deemools,... wa mer kee Platte kruten! Dat Baschelt, dat war wichteg fir mech, well ech do bei der Famill vu menger Mamm vill Zäit verbruecht hunn, an all Méiglech vum Bauerenhaff kennegeléiert hunn, an zwar de Changement vun der Séissel a Séchel iwwert de Mähbalken, schlussendlech de Bënner mat Päerd an duerno mat Trakteren an dono de Mähdrescher an déi modern Maschinne vun haut. Mä dat war awer och am normale



Céline Kraus a Fernand Huberty

© Privataarchiv Fernand Huberty





© Privatarchiv Fernand Huberty

Fernand Huberty a René Galles

Stot esou. Mat dem Wäschen an der blechener Biitchen zwëschen dem Kolonnenuewen an der Mauer wou et am waarmste war, schlofen an de Kuefbetter wou et esou gestëbst huet datt een sech praktesch net méi gesinn huet. Wa mir zu dräi dra luchen, an esou engem Bett, dräi Bouwen, da war scho moies e schéine Chaos. Mir haten sou e Komp Waasser an der Schlofzëmmer stoen, fir eis moies ze wäschen. Wann et Wanter war an et waren Äisblumen an der Fënster an et war kal am Zëmmer, dann hu mer an d'Waasser geblosen. A wann et gefruer war, da si mer séier erofgestierzt an hu geruff: „Mir brauchen eis haut net ze wäschen well d'Waasser ass gefruer“. Dat war natierlech dann e grousst Ereegnes. Mee do hunn ech dann och erlieft, wéi dat fléissend Waasser komm ass, wéi op eemol aus de Schotterstroossen Makadamstroosse gi sinn, wéi Kulange gemaach gi sinn, wéi op eemol eben d'modern Zäit agefouert ginn ass. Alles dat konnt ech do hautno materliewen, an ech wëllt näischt vun dësen Erfahrungen, déi ech zu Baschelt gemaach hunn, mëssen. Si hu mer vill gedéngt am Rescht vum mengem Liewe bis haut.

Metzlererei Müllenbach an Epicerie Reisch



Edouard Kutter © Photothèque de la Ville de Luxembourg

Mä loosse mer zeréckkommen an de Kräizgrënnchen. Ech hat gesot, do ware vill Kanner, an doduerch war och ëmmer eppes lass. O, do waren z.B. Championater am Dëschtennis. Dat ware keng grouss Ereegneser awer et war immens. An iergendengem senger Plätz, bei eis oder bei engem aneren, hate mer eng Plack, déi hu mer dann op en Dësch geluecht, schons war de Ping-Pongsdësch opgeriicht, dann ass do gespillt ginn, ee géint deen aneren, bis de Champion vun där ganzer Trupp do ermëttelt war. Am Summer owes war d'Strooss eis. Et ass Völkerball gespillt ginn, Fiederball, Fussball, je all Méiglech. Am Summer war och d'Wiss eise Spillterrain, besonnesch dann, wann den Estgen scho geméint hat, an et nëmme méi Stoppelfelder waren. Do hunn d'Pappe matgehollef. Dann ass e Volleyballsnetz opgespaant ginn, et ass gelaf ginn, Sakhüpf gemaach ginn, et si Lagerfeier organiséiert ginn. De Schmidte Josy huet Draache gebaut, déi fléie gelooss gi sinn, mir hu Fischefeiler geschoss, hunn all Méiglech gemaach. Et war eng grouss Freed. An déi Kanner sinn zesumme gewuess an hunn eng grouss Famillje gebild. Een ass bei deen anere gaang, een huet deem anere gehollef, een huet vun deem aneren och seng schéi Saache materlieft.

Sou hate Weltesch z.B. e klenge Filmapparat. Do sinn dann heiansdo Filmer vum Décken a vum Dënne gewise ginn Sonndes mëttes, wann et gereent huet, an dat war wuel eng flott Saach. Mir souzen do einfach um Buedem. Mierschen haten eng Televisioun kritt. Déi éischt Televisioun an der ganzer Strooss. Och do ass ee mol heiansdo dohinner gaang fir de Rintintin ze kucken oder soss eng vun den Emissiounen, déi deemools sou gelaf si fir d'Kanner. Dat huet natierlech och gezielt fir all déi aner.

Nieft Büchlesch war nach e Gaart. Bei déi ass de Ball dann heiansdo eriwuer geflunn, an dat war e bëssche méi schwieereg. Dee krute mer bal ni méi eraus, oder jiddefalls net ganz, well de Propriétaire net frou driwwer war, wa mir iwwert säin Drot geklomm sin, deen huet dat net esou gutt verdroen. A wa mer dann de Ball net séier genuch eraus haten, da war e futti, dann hat ee mam Heel dragehaen oder soss eppes. Mä all déi Saachen hunn och d'Familljen ënnertenaner verbounn, et huet een deem aner gehollef. Spéider huet do den Här Planchard gebaut. Hien huet op de Communautéit geschafft zu Lëtzebuerg, an e war zu gläicher Zäit Professor zu Léiwen op der Universitéit. Duerno ass e Gouverneur vun der Province du Luxembourg an der Belsch ginn. En huet also dunno zu Arel gewunnt. Ech ka mech gutt erënneren, datt mäi Papp dësem an deem am Gaart gehollef huet d'Heck oder d'Rouse schneiden. Datt meng Mamm hei oder do zervéiert oder gekacht



## D'Liewen am Kräizgrënnchen an de fofzeger Joeren

huet, wann en lesse war, oder datt si an den Déngscht vun der Familljen Planchard gaang ass, fir eis eis Studien z'erméiglechen. Mä alles dat war sécher net esou, wéi déi Leit sech et geduecht haten, wéi am Kräizgrënnchen déi Haiser vun der Gemeng gebaut gi sinn. Lo hunn se gemierkt, datt dat eng ganz flott Famillje war, eng ganz flott Familljen vum ganze Grënnchen.

Dem Metzler Mültenbach säin Alex, dee jo e grouss Museker ginn ass an der Zwëschenzäit, huet eis heiansdo e Stéck um Piano gespillt. Ech ka mech erënnere, ech hunn als Student bei Coca-Cola geschafft an hat mer mat der éischter Pei en Tounband kaaft. An domat sinn ech bei den Alex getrëppelt an hu gesot: spill mer eppes vir, dann huelen ech dat op. Dat éischt Stéck wat ech deemols opgehol hunn war en Extrait vum Pianos-Concerto „l'Empereur“ vum Ludwig van Beethoven, dat den Alex op dem Piano gespillt huet fir mech, fir eis, datt ech et konnt op deem klengen Tounband ophuelen. Fantastesch Saachen, am Fong geholl, déi eis alleguer een deem anere méi nobruecht hunn.

De Wee fir an d'Schoul, deen ass am Ufank ronderëm gaang, d.h. hannerun den Haiser vu Büchlesch ass eng Baach gelaf, do war e Bongert. Vun deem hu mer profitéiert fir mam Schlitt ze fueren, resp. mol e puer Äppel sichen ze goen oder Kiischen oder Biren. Do ass och vill gespillt ginn.

An dunn ass op eemol d'Allée Léopold Goebel gezu ginn, wou och erëm ganz vill Leit mat Kanner an eisem Alter waren, ënnert anerem d'Famillje Kugener. Den Henri Kugener, dee spéider Gynécologue ginn ass, war bei mir an der Klass, mat him a mam Nicole hunn ech oft gespillt. De Papp war besser bekannt als Mathematik-Professor. Där hate mer iwwerhaapt e puer do wunnen. Zum Beispill de Professor Galles, Mathematik-Professor, a säi Fils, de René, deen och erëm Mathematik-Professor ginn ass. De René souz bei mir an der Klass an d'ärselwechter Bänk, an der Primärschoul an och nach am Lycée. Eng grouss Frëndschaft huet eis verbonn matenaner, déi nach haut zielt, op alle Säiten hinn.

Wéi also d'Allée Léopold Goebel gezu gi war, du war do op eemol Schluss. Du blouf nach de Velodrome. Do kënnt der noliessen a verschiddenen Nummeren vun *ons stad*. Iwwerhaapt ass et interessant d'Nr 40 ze liesen, wou den Här Paul Medernach esou e bëssche geschriwwen huet iwwert d'Märeler Wisen oder Nei-Märel, d.h. deen aneren Deel vu Belair, deen aneren Deel vun der Avenue Gaston Diderich erof op d'Märeler Strooss. Hien huet dat ganz gutt beschriwwen an interessant mat villen Nimm, déi eis un esou Saachen erënnere.



Allée Léopold Goebel an Val Ste Croix

Fir an d'Mëss si mir do erop gaang, wou haut d'Belairer Kierch steet, dann d'Avenue Gaston Diderich dorower bis an d'Jesuitekapell, d'Kierch „Christ-Roi“, dat war deemools och d'Porkierch. Déi war ëmmer strubbelvoll. Ech ka mech erënnere als Massendénger, ech war e ganz äifrege Massendénger, do waren d'Massen um halwer aacht, halwer néng, véierel op néng, fënnel vir halwer eefel, eefel a véierel vir zwielef. An dann nach eng Owesmass. Déi waren sou voll, datt d'Leit bis an d'Avenue Gaston Diderich um Parvis vun der Kierch stoungen. Dat muss een sech haut emol virstellen! Duerfir ass dann 1957 déi nei Kierch gebaut ginn, Kierch Saint Pie X, déi nach haut do steet an déi elo restauréiert ginn ass. Mir hu viru kuerzem hire Gebuertsdag gefeiert. Elo ass um Tuerm geschafft ginn, well do e Problem ass mat de Klacken. Allmoies fënnel vir halwer aacht war d'Schoulmass. An do si mer higetrëppelt. Glécklecherweis ass dunn op eemol déi Strooss gebaut ginn, déi dee komplizéierten Numm hat: avenue des Archiducs Albert et Isabelle d'Autriche. Dat huet natierlech dee Wee onwahrscheinlech ofgekierzt. Mä do uewen, just ier een da bei de Kadaster komm ass, deen den Eck gemaach huet vun der Avenue Gaston Diderich an der Avenue des Archiducs, do war e Weier, an

do konnt een natierlech Kauzekäpp a Molche fänken, an déi mathuelen an d'Schoul, an engem Eemer, fir datt et sollte Fräscheginn, déi mer kënnten observéieren. Je, interessant Saachen. De Velodrome stoung och nach do, an dat war natierlech eng grouss Spillplaz, besonnesch am Wanter eng fantastesch Rutschbunn. E Velodrome ass bekanntlech sou gebaut, datt et op de kuerze Säiten relativ schief erofgeet a géi. Do konnt een onheemlech rutschen. Natierlech konnt een sech och onheemlech wéi doen, a méi wéi ee vun eise Kolleginnen a Kollegen huet sech do eng Hand gebrach, oder e Fouss oder e Been. Mä dat huet eben deemools derzou gehéiert.

Wéidunn d'Jean-Baptiste Esch-Strooss derduerch gebaut ginn ass, du war dat och eriwuer. D'Schrobilgen-Strooss, déi huet jo scho méi laang bestan, dat war d'Entrée vum Velodrome an dofir war dat da wichteg datt een do konnt iwwerall ëmmer erëm eriwuer goen. All déi parallel Stroossen, Val Sainte-Croix, Allée Léopold Goebel, Jean-Baptiste Esch, Schrobilgen, avenue Gaston Diderich, sin duerch déi selwecht Stroosse matenaner verbonn. Op där enger Säit ass et d'rue d'Amsterdam, déi am Fong geholl do zougemaach huet, op där anerer d'Rue des Archiducs.





Villa Anzia

vun der Militärmusek, d'Famill Goebel-Anzia gewunnt huet, war e Lager mat Koks, Kuelen, Briquetten asw. vun der Firma Schuller. D'Villa Anzia, e ganz schéint Haus an der Kéier, war an engem schéin ugeluechte Park, e bëssen vun der Stroosse ewech. Nach e Rendezvous, deen ni vergiess ginn ass: Den Abbé Jean Schiltz huet Sonndes no der Vesper, an der Scoutsbud, hannert der Schoul, Filmer gewisen, an d'Jugend fir d'Scoute begeeschtert. D'Jec, hannert der Jesuitekierch, an och vun de Jesuitepatere begleet, war sécher och fir d'Studenten e wichtegen a nätzlechen Attraktiounspunkt. Hei ass haart diskutéiert ginn, awer och Theater gespillt ginn. Dësen Theater am 'versoffene Rousekranz' (Vollekshaus) war all Joer en Highlight fir d'Stater Jugend. Natierlech hunn och Sortien, Camper, Weekender, Konferenzen an aner Aktivitéiten dëse liewegen an interessante Grupp zesummegehal. Eng grouss Famill mat villen Aktivitéiten a vill Freed, dat war de Grënnchen an de Joeren 1950-1960, déi ech hei elo e bësschen op-liewe gelooss hunn.

Fernand Huberty



Gäertneri Albus

Wann een am Kräizgrënnchen weidergefuert ass, dann ass een op Stroosse komm. Fir d'éischt natierlech bei d'Schéiss. An der Nummer 83 vun *ons stad* gëtt den Ufank vun där Gesellschaft beschriwwen. „La naissance et le développement du club de tennis des Arquebusiers sont intimement liés à la destinée de la société des Arquebusiers dont les origines remontent à l'an 1402. Elle peut être considérée comme la société de loisir la plus ancienne du Grand-Duché (pages 69 ss).“ Jo, dat war en Tennis-Feld wou nëmme chic Leit era-komm sinn, wou mer gestaunt hunn, wou mer dann mol beim Gelänner stoungen ze kucken, wa Leit do Tennis gespillt hunn. Niewent dësem Terrain war eng Steekaul, déi an deene Joren awer scho stëllgeluecht war. Also nees eng interessant Plaz fir ze spillen oder seng Experimenter ze maa-chen. De Galles René an ech hunn do z.B. probéiert Rakéiten ofzeschéissen, déi als Korpus eng Velospompel haten. Fir ons huet de Kräizgrënnchen am Fong geholl do mat der Schéiss op der enger Säit an dem Gäertner Albus op der anerer Säit opgehal.

Wou de Grënnchen an d'Allée Léopold Goebel sech trennen steet haut e schéint Weekräiz. Do war soss dem Entrepreneur Franck säi Chantier, wou d'Eisen fir de Beton gebéit ginn ass. Op der anerer Säit, wou niewent dem Här Albert Thorn, Dirigent

D'Jec um Camping

